

## Eng Lëtzebuenger Landwirtschaft esou eenzegaarteg, ewéi Schwäizer Aueren

**Agrarpolitesch Stellungnahm vun der Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren (LLJ)**

**virgedroe vu Fränz Schlechter, Vizepresident, a Jos Fischbach, Member vum Nationalcomité**

Léif Éieregäscht,

Léif Frënn a Sympathisante vun der *Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren*,

An der politescher Aktualitéit war et dëst Joer - wat d'Landwirtschaft betrëfft - definitiv méi roueg, wéi déi Jore virdrun. Iwwert dat neit Agrargesetz musse mir äis jo net méi opregen - et ass jo elo do. Trotzdem hu mir awer och eng Partie Elementer fonnt, déi net eisen Iddien entsprechen an op déi mir den Owend hei agoe wëllen.

### **Verbrenne vun den Hecken**

Mat deem héichaktuellen Thema vun dem Verbrenne vun den Hecke wëlle mir ufänken. Schonn am Ufank vun dësem Joer huet dat Thema vill Welle geschloen, well op eemol **een** erausfonnt huet, datt den Heckeschnëtt en Offallprodukt ass. Deemno dierf deen elo net méi - wéi dat déi lescht Joerhonnerten de Fall war - dobausse verbrannt ginn, mee elo muss recycléiert ginn!

No vill Polemik am Land iwwert dëst Thema, war dunn eng Versammlung vum Ëmweltministère mat de Gewerkschaften aberuff ginn - leider ouni d'*Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren* - wou gesot gouf, datt de Staat fir sämtlech Käschte géif opkommen, déi duerch de Recyclage vun den Hecken entstinn. Mir hunn äis déi Informatiounen dann och virun engem Mount am MDDI an enger interessanter Entrevue confirméiere gelooss.

Sou wäit, sou gutt - d'*Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren* kann domat liewen, datt keng Hecke méi einfach esou verbrannt solle ginn, wann se energetesch genotzt kënnen ginn. Mee et ass Hierscht ginn a mir hunn ugefaangen, déi éischt Hecken ze schneiden. Mir wëssen awer bis haut nach net, wat konkret mat deem Heckeschnëtt geschéie soll!

Mir hätt vun der Regierung erwaart, datt mir fir den 1. Oktober - zum Zäitpunkt, wou déi Aarbecht usteet - e kloert Konzept virgeluecht kritt hätten. An deem Punkt steet fest, datt Bréissel net gefrot huet musse ginn - deemno sinn déi an dësem Fall eemol net déi Schëlleg.

Mir fuerderen, datt d'Regierung nach dëse Wanter konkret Informatiounsversammlungen aberiff, fir d'Bauern driwwer ze informéieren, wéi et weidergoe soll. Bis elo ass souzesoen nach näischt bekannt. D'Kritik am Secteur kënnt jo just op, well kee weess, wat leeft.

Mir proposéieren elo emol alles beim Alen ze loossen an déi éischt Joren e fräiwëllegen Heckenentsuergungsprogramm op d'Been ze stellen. Dësweidere muss d'Offallgesetz geännert ginn. Den Heckeschnëtt dierf net als Offall betruucht ginn, well soss kann de Ministère jo ni eng legal Ausnahmeregelung ginn, fir Hecken am Hang, respektiv de Schnëtt an de Wéngerten ze verbrennen.

## Nitratdirektiv

Am MDDI krute mir och matgedeelt, datt eis Iwwerflächegewässer an engem net allzegudden Zoustand sinn, wat d'Nitratwäerter uginn. Et goufen deemno weider Restriktiounen ugekënnegt.

D'LLJ proposéieren der Regierung, fir d'Spärfrieste fir d'organesch Düngung un d'Wiederkonditiounen unzepassen an net un de Kalenner. Dëst géif den Drock am Fréijoer an am Hierscht miniméieren. Mat engem E-Mail- an SMS-Service kéint ee jo relativ einfach matdeelen, wéini datt, iwwert de Wanter duerch, Gülle ausbruecht ka ginn.

Dësweidere proposéiere mir, d'Erweiterung vun der Lagerkapassitéit op de Betriber vu 6 op 9 Méint mat 100% ze subventionéieren. Dat wier vill méi effikass fir de Waasserschutz, wéi eng Leckageerkennung. Här Minister Etgen, hei sidd Dir gefuerdert! Dobäi dierf och net vergiess ginn, datt d'Zetären, déi d'Bauere baue wëllen och schnell genehmege mussen ginn; d'Genehmegungen dierfen net méintelaang - jo jorelaang - an de Verwaltunge verstëbse gelooss ginn.

## Bauen an der Gréngzon

Bei den *Assises agricoles* huet den Här Staatssekretär Camile GIRA verséichert, datt d'Onkloerheete ronderëm d'Bauen an der Gréngzon an Zukunft iwwert e Leitfaden - nom Modell vum PAG an de Gemengen - geregelt géife ginn. Leider reduzéiert de Leitfaden sech elo op e *Réglement ministériel* vum Naturschutzgesetz, wou keen Input vun der Landwirtschaft méiglech wäert sinn.

Op alle Fall geet äis géint de Stréch, datt an dësem Reglement e Wunnhaus an Zukunft als *Construction agricole* klasséiert gëtt. D'Politik muss sech bewusst sinn, wann se en Haus an enger Gréngzon genehmege, datt dat dem Bauer säin Heemechtshaus ass. Wann hien dann eng Kéier mam Betrib ophale muss, respektiv keng Déiere méi hält, wëll hien dat Haus sécher net ofrappen.

Den Här Gira huet behaupt, et wier nach bis haut keen Haus ofgerappt ginn. Virun engem Joer huet och nach keen dru geduecht, datt mir dëst Joer keng Hecke méi verbrennen dierften!

## Zoustänn, wéi an enger *Bande dessinée*

Här Minister, mir wëssen net, wéi vertraut Dir mat der BD „Asterix“ sidd. Am Band „Asterix erobert Rom“ muss den Asterix jiddefalls mat sengem Kolleg zwielf Aufgabe meeschteren. Eng dovun ass déi, datt en an enger Verwaltung de „Passierschein A38“ muss kréien. Si gi vu Guichet zu Guichet geschéckt. Kee vun de Beamte weess eppes oder si brauche virdrun een anere Schäin. Dat geet esoulaang, bis si bal geckeg ginn.

Dir frot Iech elo, firwat mir Iech dat zielen? Ganz einfach - probéiert emol fir Iech ze installéieren oder fir e Subsid unzufroen. Dëst ass grad esou komplizéiert. Hei kënne mir net vu *Simplification administrative* schwätzen - esouguer d'Beroder ginn duercherneen a wëssen net genee, wat ee, wou brauch. Och an de Verwaltung hunn d'Beamten et schwéier, fir déi richteg Informatiounen erauszeginn. Mir fannen, datt dee ganzen Duercherneen en Trauerspill ass a poche weiderhin op e *Guichet unique*.

## Permanenten Hin an Hir

E Saz, dee mir ëmmer erëm an de Ministère ze héiere kréien, ass dee folgenden: „Nee do kënne mir näischt maachen, dat ass deen anere Ministère“. Dräi Mol dierft Dir roden, wat se an deem aneren Haus soen: „Ah nee, do kënne mir näischt maachen, do ass deen anere Ministère zoustänneg“. Virun allem d'Beamten aus dem Ëmwelt- a Landwirtschaftsministère spille mam permanenten Hin an Hir. Mir proposéieren, datt si sech eemol all zesummen iwwer e Weekend an eng Klausurtagung zréckzéien, fir hir Problemer aus de Féiss ze schafen. D'Bauern hu jo schon hire Suergentelefon, mussen mir elo och nach esou ee fir eis Leit an de Ministère ariichten?

## Fräihandelsofkommes

Mir kommen awer net derlaanscht, och dëst Joer erëm eppes zu de Fräihandelsofkommes ze soen – sief et zum CETA, deen elo ënnerschriwwen ass, respektiv zum TTIP a Mercusor, déi nach op der Dagesuerdnung stinn. All déi Ofkommes wäerten e groussen Impakt op d'Landwirtschaft an Europa hunn.

Am Allgemenge wëlle mir nach eemol ënnersträichen, datt de Volet *Landwirtschaft* näischt a Fräihandelsofkommen ze sichen huet. Dat lescht Joer ass dat gutt op dëser Plaz erkläert ginn: Fräihandel féiert zu Gewënner wann e komparativen ekonomesche Virdeel an der Produktioun vun engem Produkt besteet. Op ville Plazen an der Welt ass d'Landwirtschaft héich subventionéiert. Dat heescht den Export ass net reell a baséiert op Subventionen. Op esou een Handel laangfristeg opzebauen, ass ganz geféierlech, well en zevill vun de politeschen Decisiounen ofhänkt. Derbäi kënnt, datt mir d'Landwirtschaft an der EU ënnerstëtzen, well si zur Liewensmüttelautonomie, zu enger Villfalt u Liewensmüttel, zum Ëmweltschutz an zum Erhale vun de Kulturlandschafte bäidréit. Dës Zieler ginn a kengem Fräihandelsaccord berécksiichtegt, an kënnen demno op d'Spill gesat ginn.

Wéi vill Länner op der Welt sinn dann op landwirtschaftlech Niveau nom Ofschloss vu Fräihandelsofkomme veraarmt? D'Konsequenz vun den Ofkomme war eng Spezialisatioun vu bestëmmte Produktiounen an e Verloscht vun der Diversitéit. Mexiko ass beispillsweis säit dem Fräihandelsofkomme mat den USA net méi autonom, wat d'Kuelenhydrater ugeet. D'Maisimporter aus den USA hunn déi lokal Maisproduktioun an domat vill einheimesch Bauere futtigemaach.

A grad an deem Punkt do solle mir eis Bedenken hunn. De CETA ass net dramatesch an ass awer en Ufank vum Ofschafe vun der Fleeschproduktioun an Europa. Mir dierfen zwar Mëllech exportéieren, mee mir müssen am Géigenzuch Fleesch importéieren. Et sinn eigentlech just 0,6 % vum europäesche Fleeschmarché, mee bei eise Fleeschbauere misst trotzdem den Alarm goen. Elo kënnt nach den TTIP an de Mercusor. Och do wäerte mir Fleeschimporter zouloossen. D'Konsequenz wäert sinn, datt lues a lues d'Fleeschproduktioun an Europa ofgeschaaft gëtt, respektiv se nach just mat décke Subventionen erhale ka ginn. An 20 Joer wäerte mir dann nees eng Fleeschproduktioun mat deieren ëffentleche Gelder opbauen, fir iwverhaupt eng gewësse Selbstversuergung ze garantéieren. Mir gesi jo wéi et mam Eewäiss gaangen ass. Krampfhaft probéiere mir haut, fir eng Eewäissproduktioun ze fuerderen, déi mir selwer an engem Fräihandelsofkommes op d'Spill gesat hunn.

Dofir denke mir, datt et derwäert ass, erëm ëmzedenken, wat déi international Handelspolitik betrëfft. D'Länner sollten erëm d'Souveränitéit kréien, fir déi landwirtschaftlech Produkter - déi si brauchen - ze ënnerstëtzen oder ze schützen. Mir schwätzen net vun Exportsubventionen an och net vu Protektionismus, mee vu renger Souveränitéit. Mir brauchen hei en Ëmdenken um globale Plang. Handel mat anere Länner soll absolut méiglech sinn, mee d'Landwirtschaft muss eenzel gekuckt ginn - an net um Altor vun der Industrie geopfert ginn. Nom Handelsaccord dierf et kee Verlëierer an der Landwirtschaft ginn!

## Biogas

Mir hunn elo just vun Diversifizéierung geschwat. Dat gëllt och am Beräich vum Biogas. Lëtzebuerg huet vill véihalend Betriber. Kleng Biogasanlagen op den eenzelne Betriber géifen de Baueren d'Méiglechkeet ginn, e weidert klengt Akommes ze erwirtschaften, an hire Revenu e bësse méi breed opzustellen. A Joren, wéi dësen, kéint dat finanziell hëllefen. Déi aktuell Tariffer ginn awer net duer, fir esou Anlagen ze fuerderen. Et ass an deene leschte Jore keng eenzeg eegebetrëblech Anlag gebaut ginn. Et sinn der just zougemaach ginn. Et ass op ville Betriber gerechent ginn, mee d'Resultater ware frustrant. Dat heescht, datt gehandelt muss ginn. Mir gesinn hei kloer Handlungsbedarf am Landwirtschaftsministère. Mir brauchen Är Ënnerstëtzung, Här Minister, fir datt dësse Projet vu Gülleanlagen un d'Rulle kënnt.

Et ass awer kee Wëllen am Landwirtschaftministère do, fir eppes méi ze ënnerhuelen. De Wand, deen aus de landwirtschaftleche Verwaltunge géint de Biogas bléist, ass extrem staark. De Biogas ass e rout Duch. Mee firwat? Mir géifen dat gären hei vun Iech héieren, Här Minister!

### **Pachtgesetz**

Dëst Joer wëlle mir och ërem eng Kéier eisen - an der Landwirtschaft wichtigste Produktiounsfaktor *Akerland* uschwätzen. D'Reform vum Pachtgesetz steet jo elo virun der Dier. Datt d'Kafpräisser an deene leschte Jore jo relativ staark ugezunn hunn, brauche mir heibanne jo kengem ze soen. Dofir ass et an eisen An deemno méi wichtig, datt mir an Zukunft op en effikasst Pachtgesetz zrëckgräife kënnen. Am Moment ass et jo esou, datt op de landwirtschaftleche Flächen no 6 an 3 Joer, d'Pacht nëmme vu Joer zu Joer weiderleeft an dat fir eng laangfristeg Planung fir eis Betriber net duergeet. Mir fuerderen deemno, datt d'Pachtgesetz geännert gëtt an dat mat enger éischter Lafzäit vun 9 Joer, enger Verlängerung vu 6 Joer an duerno dann ëmmer nach fir 3 Joer. Kuerz gesot: 9-6-3. An der Period vun den 9 Joer, misst de Verpächter dann nom 6. Joer kënnegen, an der Periode vu 6 Joer, nom 4. Joer, an duerno allkéiers nom 2. Joer.

Domat wier deenen aktive Bauere gehollef, fir laangfristeg ze plangen. Wann nei Ställ gebaut ginn, kréie mir jo ëmmer un d'Häerz geluecht, datt mir garantéiere sollen, fir eis Gülleausbréngung esoulaang ewéi méiglech, ze garantéieren. Dat wier mat esou engem Pachtgesetz besser méiglech, wéi virdrun.

Fir dem Verpächter awer net all d'Fräiheeten ze huelen, soll et selbstverständlech Ausnahme ginn, wéi hien säi Land virum Enn vum Kontrakt zrëckkritt; z.B. de schlechten Zoustand vu senge Felder, awer och een Zréckhuele fir d'Land selwer ze bewirtschaften, respektiv un e Familljember am éischte Grad ze ginn, sollt e legale Grond sinn, fir de Kontrakt opzeléisen.

Mir fuerderen an dëser Reform awer och Mesuren, déi de Landkaf vum aktive Bauer vereinfachen. De Bewirtschafte muss e Virkafsrecht kréien, wann hien d'Land schonn 9 Joer laang gepacht huet. Weider fuerdere mir eng Steierfräiheet fir de Verkeefer, wann en un den aktive Bauer verkeeft, esou wéi dat bei de Gemengen a beim Staat de Fall ass. De Premierminister Xavier Bettel sot zwar, datt dat net ënnert der DP méiglech wäert sinn, mee mir hu jo awer och nach aner Parteien hei am Land. Op alle Fall muss een iwwert Reduktioun vun den Enregistrementskäschte beim Kaf den aktive Baueren entgéintkommen. Bis elo geet dat jo bei der Betribsiwwernahm. Dat muss awer op weider Landkeef erweidert ginn.

### **Innovatiounsfong**

Mir wiere keng Jongbaueren, wa mir net innovéiere géifen. Dëst féiert äis direkt op dat nächst Thema. Am Juli dëst Joer hate mir zesumme mam OekoZenter ee Seminär iwwert d'Solidaresch Landwirtschaft op dëser Plaz organiséiert. Bei dësem Modell iwwerhëlt e Grupp vu Verbraucher am Virfeld all d'Produktiounskäschten an huet am Géigenzuch, d'Recht op déi ganz Produktioun vum Betrib. En enkt Zesummeschaffe vum Produzent a Konsument steet domat erëm am Mëttelpunkt. Et gëtt net méi fir een anonyme Maart produzéiert. De Risiko dréit heibäi net méi eleng just de Bauer. Wéi sech awer an den Erklärunge vum SER erausgestallt huet, bitt dat neit Agrargesetz keng Léisung fir esou Betriber ze ënnerstëtzen. Meeschtens feelt et dëse Betriber dann och nach un der néideger Gréisst an domat och u Standardoutput fir vum Staat ënnerstëtzt kënnen ze ginn. Dëst ass nëmme ee Beispill vun engem innovativen Projet.

Esou Initiative sollen awer absolut ënnerstëtzt ginn, fir den Unternehmerrisiko ze miniméieren. Als Léisung zu dësem Manko fuerdere mir d'Erschafe vun engem Innovatiounsfong als eng Form vun Ënnerstëtzung fir besonnesch innovativ Iddien. Hei soll eng Kommissioun - mat Verrieder aus verschiddene Ministèreen - driwwer entscheeden, ob dëst féerderfäheg ass. Intresséiert Betriber reechen zu hirem Projet en Dossier eran, dee vun der Kommissioun bewäert gëtt. D'Zil ass et, fir och

d'Ëmsetzung vu Projeten an Investitiounen an der Landwirtschaft ze ënnerstëtzen, déi net direkt an d'Schema vum Agrargesetz falen. Heiriwwer kënnen dann z.B. d'Güllebiogasanlagen, d'Produktioun vu Baumaterialien, an awer och aner innovativ Projete gefërdert ginn. Dëst ass eng weider Chance fir eis Betriber ze diversifiéieren ouni, datt dës de Risiko eleng droe mussen.

### **Jeremy Rifkin**

Mir wëllen zum Schluss dann awer och e bësse méi wäit aushuelen.

Mir brauchen e laangfristeg, nohalteg gutt opgestallten, landwirtschaftleche Modell zu Lëtzebuerg. Dëse Modell muss d'Akzeptanz vun der Bevëlkerung hunn an awer virun allem de Betriber et erlaben, Profit ze maachen. D'Erausforderung besteet doran, fir bei gréisstméiglech Schutz vun der Ëmwelt, wirtschaftlech ze produzéieren.

Dëst féiert äis direkt zu engem ganz aktuellen Thema, dem Jeremy Rifkin. Hien huet an senger Etude zur 3. industrieller Revolutioun virgeschloen, fir hei zu Lëtzebuerg 100% vun de Flächen op biologesch Produktioun ëmzestellen. „Eng radikal Approche“ denkt een sech dobäi. Iwwer Nuecht kann dat awer net realiséiert ginn. Dës Iddi misst da fir d'éischt emol an de Käpp vun äis all ukommen. Op alle Fall ass et wichteg, wa mir esou Iwwerleeunge féieren, datt mir net eise Betrib un éischer Stell gesinn. Dee Moment fanne mir ëmmer Argumenter dogéint. Wann een awer eng laangfristeg Strategie upeilt, si mir alleguerten Unternehmer genuch, fir och an engem aneren Ëmfeld profitabel ze wirtschaften. An senger Etude proposéiert den Expert eng Ëmsetzung a 5 Etappen. Fir d'éischt soll d'Produktioun komplett transparent gemaach ginn an doduerch Vertrauen opgebaut ginn. An enger 2. Etapp soll eng staark Relatioun tëscht dem Staat, dem Liewensmëttelsecteur an der Fuerschung opgebaut ginn. Lëtzebuerg kéint dobäi zu engem grouse Labo ginn. Hei wier et eng weider Kéier vu grousem Virdeel, een Innovationsfong ze hunn. Domat kéinte geziilt Projeten ënnerstëtzt ginn, déi erfuerschen, wéi een d'Zil vu méi Nohaltegkeet erreeche kann. Dobäi géif de grouse Risiko vun esou Projete miniméiert ginn. An engem nächste Schratt sollen, laut Rifkin, d'Verloschter reduzéiert an erneierbar Energien ausgebreet ginn. Als Ofschluss verbessert sech d'Relatioun tëscht Produzent a Konsument an déi nei Verbrauchsgewunnechte musse gefërdert ginn.

### ***Dir léif Leit, Här Minister,***

Mir si gespaant op Är Reaktiounen dozou a géifen äis iwwert eng innovativ a laangfristeg Strategie freeën. Den Här Staatsminister hat säi Wunsch jo ewell bei eisem Treffe geäussert, fir d'Lëtzebuurger Landwirtschaft esou eenzegaarteg, ewéi déi Schwäizer Aueren ze maachen.